



der Tarifikatioun, de System vun der Berechnung vun de Chèques-service accueil ëm ee Joer verréckelen, fir dass mer net souwuel d'Administratioun an d'Eltere müssen nach eng Kéier an Zäit vun zwee Joer mat zwee neien Tarifikatiounssystemer beschäftegen oder vläicht souguer, wat d'Administratioun ugeet, be-laaschten.

Mir wäerten dann d'nächst Joer am September e System hunn, wéi d'Chèque-servicen ofgerechent ginn an de Crèchen, an de Maison-relais, dee souwuel méi einfach ass ze verstoen an deen och méi einfach ass ze handele fir eis Administratioun.

Dat ass dat, wat mer haut maachen. De Punkt 42 aus dem 6410, dee verleeë mer einfach ee Joer no hannen. Dat heescht, mir änneren dëst Joer nach nâischt un der Ofrechnung. Awer dann d'nächst Joer huele mer dat a Betruecht, wat virgesi war an natierlech och déi 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, déi am Kader vun der bilingualer Sproochfërderung den Elteren zoustinn.

Dat wär et schonn. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Rapporteur. Déi éischt Riednerin ass d'Françoise Hetto-Gaasch, dat och scho prett ass.

### Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Februar gouf d'Gesetz iwwert d'Qualitéitsverbesserungen an de Kannerbetreuungsstrukturen heibanne gestëmmt. A mat dësem Gesetz gouf och en neie Berechnungsmodus fir d'Chèques-service accueil agefouert, dee laut deem Gesetz sollt d'nächst Joer den 1. Januar a Kraaft treden.

Véier Méint méi spéit fält dem Minister op, dass dat an der Praxis awer wäert wuel e bësse Komplikatioun mat sech bréngen, well schliisslech wëlle mer am Hierscht 2017 jo mat där gratis Kannerbetreuung ab engem Joer mat bilingualer Freifërderung ufänken. De Minister schwätzt an deem Kontext vun 20 Stonnen d'Woch gratis Betreuung.

An der Praxis heescht dat elo, esou wéi mer dat elo erkläert kritt hunn, dass an deem Fall dee Berechnungsmodus, deen eigentlech géif ab Januar zielen, am Hierscht dann nees misst adaptéiert ginn. Tjo, dorunner hätt een e bëssen éischter missen denken!

Et stelle sech awer och zu dëser bilingualer gratis Betreuung ab engem Joer och haut nach ëmmer ganz vill Froen, Här Minister, besonnesch well mer deem Zäitpunkt, dem Hierscht 2017, geféierlech no op de Pelz réckelen. Mir brauchen e Gesamtkonzept iwwer Sproochfërderung, well nëmmen dann, wa mer e Gesamtkonzept hunn, wann een alles vu vireran duerchduecht an och konzipéiert huet, da kann ee sech esou penibel Saache wéi dat heiten erspieren: näämlech véier Méint nodeems e Gesetz gestëmmt ass, nees zrëck an d'Chamber müssen ze kommen, fir gewëssen Artikelen dovunner ausser Kraaft ze setzen.

Aus de Medie si mer gewuer ginn, dass déi gratis Betreuung ronn 80 Milliounen wäert kaschten. Wourobber baséiert Dir déi Chifferen? Ass an deem Chiffer eng Betreuung fir all Kanner virgesinn? Wou soll déi Betreuung stattfannen? A wéi engen Infrastrukturen? Mat wéi engem Personal? Wéi soll dat alles an der Praxis konkret ëmgësat ginn? A wéi konsequent soll virun allem déi ganz Sproochfërderung do stattfannen?

A wou, Här Minister, ass dann do Äert wëssenschaftlecht Konzept, wat beschtefalls och uknâppt un de Précoce? Bon, mir hunn elo héieren, mir kréien dat an zwou Woche virgestallt. Mir sinn natierlech ganz gespaant do-robber, mä ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dass et entwécklungspsychologesch gesinn extrem geféierlech ass, eppes ze maachen, wann een net genue weess, wat ee soll maachen, a virun allem och net, wéi een et soll maachen.

Wisou werfen ech nees dës Froen op? Ma ganz einfach, well mer déi Detailler bis haut nach ëmmer net virleien hunn, ausser engem approximative Käschtepunkt, deen et a sech huet. Mir klameren elo e puer Artikelen aus fir eppes, wat kënnt, wou kee genee weess, wat kënnt. Mä eppes wësse mer: Et wäert eis 80 Milliounen pro Joer kaschten.

Dës gratis bilingual Erzieung steet op ganz wackelege Féiss. Et ass en Experiment, dat op Käschte vun deene ganz klengen Kanner ge-

maach gëtt. A wéinst dësem Experiment solle mer haut déi Adaptatiounen stëmmen.

A sengem Avis weist sech dann de Conseil d'État och relativ erstaunt driwwer, dass d'Chambres professionnelles net ëm hiren Avis gefrot gi sinn. An op eis Nofro hi gëschter an der Kommissioun hutt Dir gesot, Här Minister, dass nach keng Avisen do wieren. Jo, et pour cause! Well Dir hutt eréischt de 7.7., also virun emol net enger Woch, den Avis gefrot. Dat ass wuel dat, wat een ënner engem korrekten Émgang mat de Berufskummere versteet.

Mir hunn als CSV de 6410 aus ganz ville verschiddene Grënn net gestëmmt. A well mer haut op en Neits de Beweis geliiwert kréien, dass net vun A bis B iwwerluecht ginn ass an dass sech awer och net un déi allgemeng Regele gehale gëtt, déi normalerweis applizéiert ginn, wann ee mat engem Gesetz ëmgeet, wäerte mer dat heiten och ganz sécher net stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci. An den nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och fir d'Explikatiounen vun Här Baum. Deen huet relativ gutt an treffend erkläert, firwat datt een d'Leit net soll an zwee Joer zwou Berechnungen aussetzen. Duerfir wäerte mir als LSAP dësem Projet hei zoustëmmen, fir d'Leit net zweemol onnëtz ze beschwéieren.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Dann den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech schlësse mech den Aussoe vu mengem Virriedner un. An ech bréngen och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci. Den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Den Här Baum huet eis hei mat grousser Begeeschterung d'Iddi vun dësem Projet de loi presentéiert. Dofir soe mer em Merci.

Mir sinn awer hei erëm eng Kéier e bëssen am Beräich vun der politescher Legendegebildung. Wann d'DP hei schwätzt vun enger gratis Kannerbetreuung, da muss ech widerhuelen, wat mer scho gesot hunn als ADR: Et gëtt keng gratis Betreuung vu Kanner! All d'Steierbezueler an dësem Land droen dozou bäi.

A wat dat Interessant dobäi ass, dat ass, datt och déi Leit, déi hir Kanner wëlle selwer doheem erzieien, deenen hir Prioritéit dat wär, duerch hir Steieren elo e System vun dëser Regierung musse matfinanzéieren, deen deenen engen eng Méiglechkeet gëtt, déi wëllen hir Kanner an enger Struktur erzieien, an deenen aneren déi Méiglechkeet net gëtt.

Et ass näämlech och nach esou, datt déi, déi elo iwwer hir Steieren deen esäitege System musse matfinanzéieren, déi Allocatiounen am sougenannten Zukunftspak ewechgeholl kruten, déi se bis elo do haten. Et ass also e fundamental ongerechte System. D'ADR vertritt eng ganz aner Approche: iwwer e Familljegel, wat all Famill soll zeguttkommen, wou all Famill da fir sech kann decidéieren, wéi e Modell fir si dee beschte wär. Et ass also eng Iddi, déi mir vum Prinzip hier net kënne matdroen.

Eng zweet Iwwerleeung ass déi vun där multilingualer Kannererzëiung, wou mer bis haut net déi geréngsten Anung hunn, wéi sech déi soll an der Praxis kënnen ëmsetzen. Och do hu mir awer als ADR e prinzipiell aneren Usatzpunkt wéi d'Regierung. Mir denken, datt hei am Land Lëtzebuergesch soll Integratiounssprooch sinn - an nëmmen d'Lëtzebuergesch soll Integratiounssprooch sinn! -, datt mer solle probéieren, d'Kanner esou fréi wéi méiglech op eis Sprooch hinzeféieren, déi auslännesch Kanner, fir datt mer och an Zukunft nach eng kohärent a solidaresch Gesellschaft kënnen sinn, déi sech ronderëm eng Sprooch an dësem Land zesummefënnt. An dat ka keng aner si wéi déi Lëtzeburger Sprooch!

An déi drëtt Observatioun, déi och mat Recht scho vun der Virriednerin, der Madamm Hetto, bruecht gouf, déi absolut korrekt ass, dat ass, datt dëst Gesetz einfach vum reng Handwierklechen hier, esou wéi e Gesetz soll gemaach ginn, weist, datt dës Regierung déi Schrëtt, déi se a Richtung vun där sougenannter gratis Kannererzëiung wëllt maachen, net duerchduecht huet. Déi Tatsaach, datt mer elo müssen en deelweise Report vun deem Gesetz envisagéieren, ass e klöre Beweis. D'Behandlung vun de Berufskummeren ass en zweete Beweis an déi Richtung.

Alles dat gesot, wäerte mer natierlech der ADR-Linn trei bleiwen an dësem wichtege Beräich an dëst Gesetz net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Jo, den Här David Wagner ass prett.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, mir haten eis schonn enthalen am Abrëll, wéi d'Gesetz gestëmmt gouf. A mir sinn och schonn drop agaangen, aus wat fir enge Grënn.

Mir hu prinzipiell e Problem mam Prinzip selwer vun de Chèque-servicen, well et jo der Iddi vun der Sélectivité sociale entspréngt. A mir entgéignen deem Prinzip de Prinzip vun dem Service universel, dee misst ugebuede ginn. Et ass eng Pente, déi ee guer net soll goen, well a Realitéit: Wat geschitt? Mir finanzéiere mat Steiergelder och privat Infrastrukturen, déi komplizéiert ze kontrolléiere sinn. Dofir gouf d'Gesetz jo am Abrëll och nach modifizéiert.

Dat heescht, mir hunn en immensen Opwand, amplaz dohinnerzegen an derfir ze suergen, datt een zum allerallergréissten Deel ëffentlech Infrastrukturen, Kannerbetreuungsinfrastrukturen hätt, déi derfir géife suergen, datt eng héich qualitativ ëffentlech Betreuung géif geleescht ginn, an y compris och qualitativ héich fir déi Leit, déi do schaffen; well dat ass och net gewäerleescht an deenen aneren Infrastrukturen.

Ech wëll net drop agoen, firwat mer elo müssen erëm eng Kéier, e puer Méint drop, dat Gesetz modifizéieren, mä prinzipiell kënne mir deem Gesetz net zoustëmmen. Mir wäerten eis dann, genausou wéi déi leschte Kéier, enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Erzieungsminister.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just kuerz den Deputéierte Merci soen, op d'mannst deenen, déi der Propos vun der Regierung hei nokommen, fir et den Elteren ze erspieren, datt se elo iwwer ee Joer méi deier Facturë fir d'Kannerbetreuung géifen heem kréien, an dann duerno nees erëm eng Kéier, op d'mannst zum Deel, dämlech géifen entlaascht ginn.

Dat ass eben dat, wat mer hei wëllen évitéieren. Mir hätte gär, amplaz datt d'Eltere vonsécher ginn, eng kloer Politik. Déi kënne mer, denken ech, eréischt ab 2017 och ëmsetzen. Mir wäerten an den nächste Woche kommunikéieren iwwert deen neie Prinzip vun där gratis multilingualer Freifërderung. Den Här Baum huet et gesot: Mir hu Rendez-vous an der Educatiounskommissioun, fir d'Konzept virzestellen, och e Projet de loi virzestellen, wann en duerch d'Regierung gaangen ass.

Duerfir denken ech, do kënnt nach munches op eis duer, wat ze diskutéieren ass. Duerfir wëll ech och elo net am Detail op all déi aner Froen agoen. Déi kënne mer dann eréischt richtig beäntweren, wann den Text virläit.

Merci.

### (Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7009 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7009 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

### (Interruption)

Mir huelen den Här Anzia nach mat.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci.

Wa mer dann déi Stëmm vun der leschter Se-konn mat derbäihuelen, si mer bei 32 Jo-Stëmmen, 26 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur*

*(par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus:* MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 5730, de Projet de loi iwwert déi kommerziell Gesellschaften oder „sociétés commerciales“, wéi et op Franséisch heescht. An de Rapporteur ass den honorabelen Här Franz Fayot.

## 3. 5730 - Projet de loi portant modernisation de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et modification du Code civil et de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, néng Joer huet d'Commission juridique an zwee Joer huet d'Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» un dëser Reform vum Gesellschaftsrecht, déi mir elo haut hei kënnen an der Chamber stëmmen, geschafft. Et ass dofir fir Äre Rapporteur, an ech mengen och fir all déi aner Leit, déi un dësem Projet geschafft hunn, d'Leit aus dem Justizministère, d'Leit aus der Chamber, d'Sekretärin aus der Chamber, mä och d'Kollegen aus der Sous-commission, de Léon Gloden, de Roy Reding, d'Viviane Loschetter an de fréiere Kolleeg Guy Arendt, haut e spezielle Moment.

D'Sous-commission eleng war zënter hirer Schafung Mëtt 2014 26-mol zesummen, an d'Commission juridique huet an där Zäit den Text dräimol amendéiert. Firwat esou oft? Dat war esou, well d'Sous-commission net nëmmen den Avis vum Statsrot verschafft huet, mä de ganze Projet erëm op de Leescht geholl huet an all d'Avis mat analyséiert huet, déi säit der éischter Lettre d'amendement vun 2009 komm sinn.

Ech géif hei och gäre betounen, dass mer an där Sous-commission an deene laange Sessiounen an am Échange mam Ministère eng eege Reflexioun an eng eege Linn zu dësem Projet de loi entwéckelt hunn. A mir hunn eis zu all Amendement Gedanke gemaach. An déi Gedanke sinn elo d'Interpretatioun, déi deen Text hei guidéiert.

De Statsrot huet den Text an d'Amendementen dozou am Ganze véiermol aviséiert. An och d'Chambres professionnelles hunn e sëllegen Avisen heizou geschriwwen.

Viru mir gouf et dräi aner Rapporturen. Dat weist och, dass dëse Projet de loi zimlech intensiv war an e grouse Verschleiss u Leit mat sech bruecht huet. Dat waren de Patrick Santer, de Jean-Louis Schiltz an de Léon Gloden. An och si hunn allen dräi hire Mérite dobäi, dass dëse Projet haut ka gewielt ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Här President, dat heiten ass kee Projet „grand public“.

### (Interruption par M. Alex Bodry)

En ass de Moien op RTL am „Moiesjournal“ emol net erwäant ginn.

### (Exclamations)

► **Une voix.** - Sieft net traureg!

► **Une autre voix.** - Da kënnt en am „Owesjournal“...

### (Brouhaha)





► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Mä et sief gesot,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- ...dass e ronn 300 Abonnenten huet um Site vun der Chamber. Et sinn also Leit, déi sech fir dësen Dossier interesséieren. Dat ass méi wéi duebel esou vill wéi deen nächsten Dossier an der Lëscht vun den Abonnenter vun der Chamber.

D'Praktiker vum Gesellschaftsrecht kënnen elo ongeféier op 200 Säite Commentaires des articles zrëckgräifen an och nach op méi déif gräifend Analysen an de Procès-verbaux vun der Sous-commission. An ech kann lech soen als een, dee selwer regelméisseg den Droit des sociétés praktizéiert, dass dat hei eng wäertvoll Quell gëtt fir déi Leit, déi mam Gesellschaftsrecht ze dinn hunn.

Här President, den Interessi un där Reform erklärt sech doduerch, dass d'Gesellschaftsrecht souzesoen de Réibau ass vun eiser Wirtschaft. Bei eis, wéi an deene meeschten anere Länner, fënnt d'wirtschaftlech Aktivitéit haut bal just nach enner Form vu Gesellschaften statt. Wéi déi verschidde Forme vu Gesellschaften sech bilden, wat d'Responsabilitéit vun hiren Aktionären an Administrateuren ass, wéi se Décisiounen huelen, hir Konte kontrolléiert ginn, wéi se sech finanzéieren, wéi se sech ëmwandelen, wéi se verschwannen, bref, alles, wat am Liewe vun enger Gesellschaft ka geschéien, dat steet an deem Gesetz vun 1915.

D'Gesellschaftsrecht ass dofir e bësse wéi en Haus, dat méi oder manner funktionell ass. Dat Fundament, dat zënter der Aféierung vum Gesellschaftsgesetz am Joer 1915 besteet, huet sech bewisen. Mä wéi bei esou manchen schéinen alen Häiser, muss et och munchmol renovéiert ginn an heiansdo erweidert ginn. An dat ass dat, wat mer haut maache mat deem Projet de loi.

Eng Aushielegung vun deem alen Haus ass dat heizen awer net. Mir hale fest un deene grouse Prinzipien, déi viru méi wéi honnert Joer vun de Juristen Albert Nyssens a Jean Corbiau definiert goufen an op deenen d'Gesetz vun 1915 berout, nämlech d'vertraglech Fräiheet, d'Liberté contractuelle, an d'Rechtssécherheet fir Drëttpersonen, déi mat der Gesellschaft ze dinn hunn.

De Léon Metzler, Rapporteur vum Gesetz, eminente Jurist vun Esch an ee vun deenen éischte Lénks-Deputéierten hei an der Chamber, huet a sengem Rapport den 29. Abrëll 1914 an der Chamber d'Enjeu vum zukünftige Gesetz wéi folgt beschriwwen:

«Deux intérêts caractérisent la situation du Grand-Duché au regard du régime légal des sociétés commerciales; c'est que d'abord les richesses nationales de notre sol offrent l'occasion d'une productivité très variée», et ass deemools an der Haaptsaach ëm d'Entwécklung vun der Siderurgie a vun der Industrie gaangen, «et c'est en second lieu que les capitaux indigènes ne suffisent pas à alimenter les entreprises que nous voyons naître chez nous.

En d'autres termes, notre fortune nationale n'intervient que pour partie dans la formation des capitaux constitutifs des sociétés commerciales; nous devons donc songer à attirer les capitaux étrangers; et quel serait le moyen de faire appel à l'épargne de l'étranger sinon de créer un type de législation aussi libéral que possible,...», ech erënneren drun, dass deemools d'Gesellschaften nach hu missen approuvéiert ginn duerch eng administrativ Décision, «...un type de législation exempt de toute contrainte inutile? Il y va donc pour nous d'un grand intérêt, non seulement de voir créer sur notre sol, sous forme de sociétés, des entreprises multiples, mais encore de voir ces entreprises nouvelles emprunter la nationalité de notre pays, c'est-à-dire de leur voir faire choix du Grand-Duché comme siège social de leur activité. Ce point revêt une importance primordiale, non seulement au regard de l'impôt, mais surtout au point de vue des multiples avantages sociaux qu'il y a à voir choisir une des localités du pays comme siège de la société anonyme.»

Et sinn also déi zwee Prinzipien, déi zum Succès vun eiser wirtschaftlecher Entwécklung bäigedroen hunn. Et sinn dofir och déi zwee Prinzipien, déi eis an eisen Aarbechten an dëser Reform guidéiert hunn.

Mä mir hunn och versicht, eist Gesellschaftsrecht der Zäit unzepassen an un déi aktuell Praxis, déi oft op wackelege Féiss stoung. Mir schafe mat deem Gesetz juristeschen Onsécherheeten aus dem Wee, wat nees eng kéier hëlleft, déi wirtschaftlech Innovatioun an d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze féideren.

Här President, ech kommen dann op de Contenu vun der Reform. Ech muss direkt soen, dass et onméiglech ass, e Projet de loi mat 300 Amendementen a 15 Minuten ze

resüméieren. Ech hu probéiert, déi wichtegst Punkten hei zesummenzefaassen, mä ech bieden ëm Aert Verständnis, dass dës Zesummenfassung net komplett ass. Ech muss do op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Dës Reform modifiéiert fir unzefänke verschidden Dispositiounen aus dem Code civil iwwert d'Gesellschaften: an zwar d'Artikelen 1852 a folgend iwwert de Contrat de société. Da modifiéiert deen heite Projet de loi d'Gesetz vum 10. August 1915 iwwert d'Gesellschaftsrecht, wou bei Wäitem déi meeschten Annerungen gemaach ginn. A schlussendlech gëtt nach d'Gesetz vum 2002 iwwert de Regëster vun de Gesellschaften modifizéiert.

D'Ännerungen, déi mer virhuelen, betreffe bal all Gesellschaftsformen, déi mer zu Lëtzebuerg kennen, mä virun allem awer d'Société anonyme an d'Société à responsabilité limitée.

Här President, ech géif da gären op verschidden Ännerungen agoen, ugefaange mam Code civil. Am Code civil moderniséiere mer d'Opdeelung vu Rechter tëschent dem Nu-propriétaire an dem Usufruitier am Fall, wou sech béid de Besët vun Aktien deelen. An dës Ännerung fënnt och hiren Nidderschlag bei deene verschiddene Forme vu Gesellschaften, wéi d'Société anonyme an d'Société à responsabilité limitée.

Mir féieren da formell d'Méiglechkeet vu sougenannten „actions traçantes“ an d'Lëtzeburger Gesellschaftsrecht an. Esou Aktie si gebonnen un eng bestëmmten Aktivitéit vun enger Gesellschaft a schëdden och nëmmen Dividenden aus um Benefiss vun deenen Aktivitéiten, onofhängeg vun aneren Aktivitéiten vun där selwechter Gesellschaft.

Déi „tracking shares“ gëtt et scho méi laang an den USA an och aneren net europäesche Länner. An och bei ons zu Lëtzebuerg gëtt dat scho gemaach. Mä och wann dës Praxis net géint dat aktuellt Recht verstéisst, steet se op wackelege Féiss. Mir wollten awer dofir eng kloer Basis schafen, well dëst Instrument ass wichteg, zum Beispill fir de Secteur vum Private Equity.

Mir klären och nach d'Regele ronderëm déi sougenannt „conventions de portage“, déi doranner bestinn, dass eng Gesellschaft oder eng Persoun Bedeelegungen un enger anerer Gesellschaft keeft an hält an duerno un eng Drëttpersoun verkeeft géint eng Kommissioun. Och dat ass eng Praxis, déi mer zu Lëtzebuerg kennen, déi oft praktizéiert gëtt a wou mer dofir juristeschen Sécherheet schafe wëllen. Et geet hei drëm kloerzestellen en particulier, dass dës Konventiounen net géint de Verbuet vun deene sougenannten „clauses léonines“ verstoussen.

Ech kommen dann op d'Gesetz vun 1915. Am Gesetz vun 1915 féiere mer d'Méiglechkeet a fir kommerziell Gesellschaften, sech och an zivill Gesellschaften ëmzewandelen, an ëmgedréit d'selwecht.

An engem neien Artikel 11ter féiere mer nach d'Méiglechkeet a fir d'Gesellschaften allgemeng, sech méi breet iwwert de Wee vun engem Emprunt obligataire ze finanzéieren. Dat ass bis elo just bei enger Rei vu Gesellschaftsformen méiglech. Bei Obligatiounen, déi an Aktie kënnen ëmgewandelt ginn, sougenannt „konvertibel Obligatiounen“, encadréieren a limitéiere mir dat Recht awer bei zouene Gesellschaften, wou nei Associéé mussen zougelooss ginn, wéi zum Beispill den Särle.

All dës Dispositiounen am Code civil an am Gesetz vun 1915 si generell a gëllen deemno fir all Forme vu Gesellschaften.

Här President, ech kommen dann och op d'Ännerungen ze schwätzen, déi spezifesch Forme vu Gesellschaften treffen, ugefaange mat der Société anonyme.

Bei den SAe féiere mer d'Méiglechkeet a fir Aktiengesellschaften, och Aktien ënner hirem sougenannten „pair comptable“ auszeginn. Dat ass de Fall, wou eng Gesellschaft Aktien huet ouni Valeur nominale, also de Wäert vun den Aktien bezunn ass op d'Kapital vun der Gesellschaft. Eng Konditioun dofir ass, dass dat am Interessi vun der Gesellschaft geschitt. An zweetens muss d'Assemblée générale dozou zoustëmmen, zum Beispill, wann d'Gesellschaft dréngend nei Finanzmëttel brauch.

En neien Artikel féiert dann och d'Recht fir d'Société anonyme an, de Membere vum Personal gratis Aktien auszudeelen. Dat ass eng Reform, déi nom franséische Modell gemaacht gëtt.

Mir schafen ausserdeem déi gesetzlech festgeloucht Unanimitéit vun der Assemblée générale of, déi néideg ass, fir e Changement de nationalité vun enger Société anonyme ze maachen. Doduerch kënne Lëtzeburger Gesellschaften elo méi einfach hire Sëtz an d'Ausland verleeën. D'Mobilitéit vun de Gesellschaften ass och haut e Kompetitivitéitsfacteur, och bei eis am Land.

Mir féieren ausserdeem nach d'Société par actions simplifiée an, eng nei a vereinfacht Form vu Société anonyme.

An dann nach ee Punkt, wat d'Gouvernance vun den SAen ugeet: Mat deem neie Gesetz erlaube mer dem Verwaltungsrot, och formell sougenannt Direktiounscomitéen anzeféieren. Och dat ass eng Praxis, déi et elo scho gëtt, déi awer och juristeschen net einwandfrei ass an där mer elo mat deem Amendement eng juristeschen fest Basis ginn.

Och bei den Särle komme munch Changementer. Ech nennen der hei just e puer. Op där enger Säit rënne mer de Capital social no ënnen of, op 12.000 Euro. An op där anerer Säit limitéiere mer d'Zuel vun Associéien an enger Särle net méi op 40, mä op 100. D'Särle si jo am Gesetz vun 1915 an am Esprit Familiengesellschaften, déi natierlech zou sinn, well et gëllt, de perséinleche familiäre Charakter vun där Gesellschaft ze schützen. Duerch d'Ännerung vum Artikel 189 lackere mer den zouene Charakter vun den Särle e bëssen op.

Och op aneren Aspekter passe mer d'Särle un d'SA un: D'Särle kann elo Akonten op Dividenden ausschëdden a si kann e Capital autoriséé aféieren, deen der Gérance et erlaabt, nei Partenen auszeginn.

D'Kooperativen, déi jo e bëssen a Vergiessenheet geroden, ausser vläicht am Beräich vun den erneierbaren Energien, wou se scheinbar en neien Otem kréien, ginn och op e puer Punkten amendéiert, zum Beispill och hei de Minimum vun de Membere bei siwen: Mir setzen dee Minimum erof op zwou Persounen.

Här President, ech gesinn, dass meng Zäit ofleef. Dierf ech lech froen, e puer Minutte vu menger Zäit als LSAP-Riedner ze huelen, wat mer dann erlaabt, net méi duerno missen nach eng kéier speziell erauszekommen?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Maaht dat roueg fäerdeg, well dat do ass e wichteg Gesetz.

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Follegt der Chamber, Här Fayot, a fuert weider.

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Här President,...

(Interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...hunn e Präzedenzfall.

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, et ginn nach vill aner wichteg Ännerungen duerch dëst Gesetz gemaach an et ass schonn e bësse frustrant, net kënnen hei drop anzegoen. Mä ech mengen, dat ass definitiv net méiglech.

Ech géif awer nach gär zum Schluss ervirhiewen, dass mer och en neie Regimm aféiere fir d'Transformatioun vu Gesellschaften vun enger Form an eng aner, wat et bis elo an där Form nach net gëtt.

Här President, eng Saach muss ech nach preziséieren, wat d'Akraafttriede vum Gesetz ugeet. Et ass hei eng Diskussioun ginn iwwert d'Bedeutung vun den Dispositions transitoires. Mir sinn eis bewosst, dass d'Gesellschaften net einfach vun haut op muer all dës Ännerungen an hire Statute Rechnung kënnen droen. Wéi gesot, geet et zum Deel hei ëm ganz komplex Modifikatiounen. An dofir hu mer am Gesetz eng Transitionnsperiod vun zwee Joer virgesinn, fir de Gesellschaften et ze erlaben, an hirem Rhythmus déi nei Dispositiounen an hire Statuten ëmsetzen ze kënnen.

Während där Zäit gëlle selbstverständlech och fir déi Statuten, déi nach net geännert goufen, a bei deenen Dispositiounen, déi net konform sinn zum neie Gesetz, nach weiderhin déi Regelen aus deem ale Gesetz. Mä déi al Regelen, an dat ass wichteg, begrenze sech awer op just déi Dispositiounen aus den Artikelen. Fir de Rescht ass och fir déi Gesellschaften schonn dat neit Gesetz direkt uwendbar.

Ech muss och nach hei mentionnéieren, dass mer de Moien nach eng Erreur matérielle korrigéiert hunn am Artikel 26quinquies, wou de Statsrot op en Oubli higewisen hat, allerdéngs mat engem Feeler a senger Proposition de texte. Dat hu mer de Moie par échange de lettres mam Statsrot geléist a rectificéiert.

Här President, eng aner wichteg Dispositioun am Gesetz ass déi, déi dem Grand-Duc et erlaabt, duerch Reglement en Texte coordonné vum Gesetz vun 1915 virzebereeden. Fir de Moment gëtt et eng Hällewull vun inoffiziellen Texten coordonnés vum Gesetz vun 1915 an dat ass keng gutt Situatioun an ass eng Source vu Rechtsensécherheet. Dofir ass et, mengen ech, ze begrëssen, dass de Ministère elo esou en Texte coordonné kann zesummestellen an deen dann och verëffentleche kann, wat hoffentlech esou schnell wéi méiglech geschitt.

Am Résumé géif ech gären nach eng kéier soen, dass d'Commission juridique d'Rad am Gesellschaftsrecht net nei erfonnt huet. Mir hunn näischt Extravagantes gemaach, mä mir hu virun allem versicht, méi Rechtssécherheet ze schafen an, wéi gesot, ze moderniséieren. Et war eis extrem wichteg, am aktuelle Kontext näischt ze decidéieren, wat nees hätt kënnen zu internationaler Kritik géint Lëtzebuerg a seng Finanzplaz féieren.

Mir hunn hei keng Trickserieie gemaach a mir hu Suerg gedroen, dass d'Eegeschafte vun eise Gesellschaften erhale bleiwen. Lëtzebuerg gëtt keen Delaware an Europa. Lëtzebuerg bleift senger Traditioun vum Siège réel trei. An ech mengen, dat wär och eng gutt Saach an Zäiten, wou d'Substanz vun de Gesellschaften eng ëmmer méi grouss Roll spillt.

Här President, fir mech ginn heimat e spannende parlamentareschen Dossier an zwee Joer Aarbecht zu Enn. An ech freeë mech elo schonn op d'Gesetz, wat da vläicht d'Gesetz vum 10. August 2016 iwwert d'Sociétés commerciales gëtt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden. Här Gloden.

**Discussion générale**

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Haut steet um Ordre du jour eng Jorhonnertreform, nämlech d'Reform vum Gesellschaftsrecht. Dat heescht net, dass mer eis Gesellschaft reforméieren. An awer! Den Droit des sociétés huet och eng Influenz op eist Gesellschaftsliewen, well vill Aktivitéiten an eiser Gesellschaft, sief et wirtschaftlecher, ziviller oder souguer am Bénévolat, ënnert där enger oder anerer Form vun enger Gesellschaft exercéiert ginn.

Erlaabt mer kuerz, op den Historique vum Gesetz vum 10. August 1915 anzegoen. Den 28. Dezember 1882 huet d'Lëtzeburger Regierung de Professor Albert Nyssens gefrot, dee Professor op der Universitéit Louvain war, fir en Avant-projet de loi iwwert d'Sociétés commerciales ze schreiwen. Den deemolegen Direkter vun der Lëtzeburger Justiz, de Paul Eyschen, huet den Här Nyssens gefrot, dass den Avant-projet de loi op dem belsche Gesetz sollt opgebaut ginn, ouni awer ze vergiessen, dass Lëtzebuerg enk Rapporte besonnesch mat Däitschland hätt.

Den Avant-projet vun 1884 war baséiert op der Fräiheet fir d'Associéien op där enger Säit an der Sécuritéit vun den Tiersen op där anerer Säit, dëst duerch eng Responsabilisatioun vun de Fondateuren an den Administrateuren, wat haut och nach ëmmer d'Leitlinie vun deem aktuellen a vun deem neien Droit des sociétés sinn.

Mä dës Avant-projet war der Regierung ze vill innovativ. An d'Regierung huet de Professor Jean Corbiau, och Professor op der Uni zu Louvain, gefrot, fir en neien Avant-projet de loi ze schreiwen. De Professor Corbiau huet säin Avant-projet den 1. Januar 1906 der Regierung iwwermëttelt, deen e Copy-paste vun dem belsche Gesetz war an nëmmen déi Dispositiounen modifizéiert huet, iwwert déi et och Jurisprudenz gouf, andeems se déi eng oder aner Dispositioun preziséiert huet.

De Statsrot huet deemools ënnerstrach, dass d'Liberté des conventions eent vun de Fundamenteuren vun eiser Legislatioun wier an nëmmen zu deem Prinzip dierft derogéiert ginn „pour motifs graves“.

Ervirzesträichen ass, dass deemools d'Politiker sech schonns bewosst waren, dass Lëtzebuerg nëmme kéint ekonomesch staark sinn, wa Lëtzebuerg géif probéieren, international Investisseuren unzezéien a seng Economie an den internationale Kader ze setzen. Deemools huet de Statsrot schonns der Regierung nogeluecht, esou schnell wéi méiglech Conventions contre double imposition ofzeschleissen.

Deen éischte Projet hat virgesinn, dass ee misst eng Autorisatioun vun der Regierung kréien, fir eng Gesellschaft kënnen ze grënnen. De Statsrot war deemools géint dës Mesure an huet virgeschloen, dass jiddereen eng Gesellschaft ka grënnen, mä dass d'Fondateuren an d'Administrateuren Responsabilitéiten hunn an dass en Officier public kontrolléiert, ob d'Konditiounen, fir eng Gesellschaft ze grënnen, erfëllt sinn.

De 6. Oktober 1911 huet den deemolegen Deputéierte Léon Metzler, Chef vum Service juri-





dique vun der ARBED, eng Rei Amendementer erabruecht. Besonnesch seng Amendementer iwwert d'Emissioun vun Obligatiounen sinn ze ernimmen. Schonn deemools huet den Deputéierte Metzler drop gehalen, datt am Kader vun der Emissioun vun Obligatiounen eng ganz Rei Informatiounen iwwert d'Gesellschaft misste publizéiert ginn. Et war och hien, dee fiederféierend war beim Gesetz vum 18. September 1933 iwwert d'Société à responsabilité limitée.

D'Spezialkommissioun vun der Chamber huet sech kloer fir de Projet Corbiau, mat e puer Ännerungen, ausgeschwat. D'Gesetz, wat also quasi de Projet Corbiau war, ass den 28. Juli 1915 à l'unanimité vun der Chamber gestëmmt ginn. An d'Grande-Duchesse Marie-Adélaïde huet d'Gesetz den 10. August 1915 sanktionéiert.

No dësem Gesetz ass 1933, wéi gesot, d'Société à responsabilité limitée agefouert ginn. Hei gouf sech um däitsche Gesetz orientéiert.

Déi éischt 50 Joer ass d'Gesetz just fënnemol geännert ginn: 1922, 1927, 1930, 1933 an 1948. Vun 1972 un ass d'Gesetz méi oft geännert ginn, besonnesch ënnert der Influenz natierlech vun den europäeschen Direktiven, wat mir am Fachjargon nennen: éischt Direktiv, zweet Direktiv etc.

D'Grondiddi vun 1915 ass bliwwen iwwert déi lescht 100 Joren. An och an dësem Projet de loi ass den Haaptprinzip, datt d'Gesellschaft fir d'Éischt e Kontrakt ënner Associéen ass. De Kontrakt besteet vun deem Moment un, wou d'Associéen d'Statuten ënnerschreiwen.

Haut hutt Der awer och ganz oft niewent de Statuten e Pacte d'associés, wat d'Jurisprudenz als e parastatutäert Dokument bezechent.

Här President, wa mer haut dëse Projet de loi stëmmen, hu mer bal néng Joer dru geschafft, well dëse Projet ass den 8. Juni 2007 deponéiert ginn. An, wéi de Rapporteur et sot, véier Rapporturen hunn un dësem Gesetz geschafft: Fir d'Éischt dräi schwärzer, an et ass finalement dem Franz Fayot d'Éier zoukomm, als Rapporteur vun der Jorhonnertreform an d'Geschicht anzegoen.

Ech wéilt och vun dëser Plaz dem Franz Fayot Merci soen a schlësse mech och un déi Mercien un, déi de Rapporteur hei scho gesot huet.

Ongeféier 300 Amendementer sinn erabruecht ginn. Wat sinn d'Objektiver vun dësem Projet de loi? Éischt Objektiv: d'Modernisatioun vun dem Gesetz opgrond vun der Jurisprudenz an opgrond vun de lëtzebuergesche Spezifisitéiten. Zweet Objektiv: de Maintien vun der Liberté contractuelle tëscht den Associéen. Drëtt Objektiv: den Akteuren nei Outil ginn, fir méi Flexibilitéit ze kréien. Véiert Objektiv: d'Sécurité juridique, speziell vis-à-vis vun den Tiers vun der Gesellschaft duerch eng Responsabiliséierung vun den Akteuren ze garantéieren. Fënneft Objektiv: Déi zwou Gesellschaften, déi am meeschte vun de Modifikatiounen duerch dëse Projet de loi betraff sinn, sinn d'SA an d'Sàrl, déi Gesellschaften, déi am meeschte geholl ginn. Hei ass probéiert ginn, d'Regelen unzepassen, ze uniformiséieren, do, wou et méiglech war.

Et géif ze laang daueren, op all d'Changementer anzegoen, déi dëst Gesetz mat sech bréngt. An de Rapporteur ass en long et en large a sengem schréffleche Rapport dorobber agaangen. Ech wéll just hei e puer Punkten ervirhiewen.

D'Modifikatiounen betreffend d'Kapital: De Capital autorisé gëtt och elo fir d'Sàrl agefouert. Datt d'Aktie mussen eng Valeur égale hunn, gëtt bei der SA suppriméiert. Et kann een och elo Aktien émettéieren ënnert dem Pair compatible. Et kann ee bei enger SA gratis Aktien émettéieren, wat besonnesch fir Employéen interessant ka sinn.

Eng vun deene groussen Neierungen ass, datt déi sougenannten „tracking shares“ fir all Type de société agefouert ginn.

D'Modifikatiounen betreffend d'Apporten: Bei enger SA wéi bei enger Sàrl kann een och en Apport en industrie maachen. Dat heescht, datt ee keng Suen abrénge muss oder en Immeuble, mä säin Know-how zum Beispill. En contrepartie kann een awer nëmmen Titres kréien, déi net d'Kapital representéieren.

Ënnert deem neie Gesetz kann och elo eng Sàrl hir Parten zrëckkafen. Dat war bis elo nëmmen de Fall bei der SA.

An enger SA kann een haut schonn Aktien émettéieren ouni Droit de vote. D'Contrepartie muss dann awer e spezielle finanzielle Privileeg sinn. Hei leeë mer elo manner streng Konditiounen fest, fir esou Aktien ze émettéieren.

Eng Sàrl däerf keng Parts sociales ouni Droit de vote émettéieren. Mä si kann awer Parts bénéficiaires émettéieren. Eng Sàrl kann och elo selwer Aktie fir sech halen, wat bis elo net de Fall war.

Zu de Modifikatiounen vun den Assemblées générales: Do gi bei der SA d'Modalités de convocation vereinfacht.

Wann ee wëllt d'Nationalitéit vun enger Gesellschaft änneren, huet ee bis elo bei enger SA a bei enger Sàrl d'Unanimitéit gebraucht. Dat ännert elo. Et sinn elo déiselwecht Quorumen a Majoritéiten, wéi wann een eng Modifikatioun vun de Statute mécht.

Ënnert dem aktuelle Gesetz muss een, wann een de Siège vun enger Gesellschaft an eng aner Gemeng wëllt transferéieren, eng Modifikation statutaire duerch en Notairesakt maachen. Souwuel bei der SA wéi bei der Sàrl geet dat elo duerch einfach Décisioun vun Verwaltungsrot.

Wat jo och ëmmer erëm e rekurrente Problem ass, dat sinn d'Rechter vun den Actionnaires minoritaires. Hei sinn e puer Modifikatiounen agefouert ginn, déi hir Rechter stäerken.

Betreffend d'Modifikatiounen vun den Organes de direction et de gestion: Bei der SA kann een och elo e PDG oder e Comité de direction nennen. Wat et haut schonn an der Praxis gëtt, gëtt elo formaliséiert.

Bei den Dividende konnt ee just bei enger SA ënnert dem aktuelle Gesetz Interimsdividenden ausbezuelen. Dat ass och elo méiglech ënner verschiddene Konditiounen bei enger Sàrl.

Dann nach e Wuert zu den Dispositions transitoires, de Rapporteur ass dorobber agaangen. Ech deelen do seng Meenung, datt dat nei Gesetz applikabel ass vun deem Moment un, wou et en vigueur trëtt. An déi Statuten, déi Dispositiounen hunn, déi konträr zu deem neie Gesetz sinn, ginn ënnert deem ale Gesetz interpretéiert während enger Phase transitoire vun zwéi Joer.

Här President, Dir gesitt, dës Reform ënnertstëtzt d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz. Et erlaabt awer och engem Bäcker- oder Metzlerbetrib, sech esou opzustellen, wéi hien dat brauch.

De Pierre Van Ommeslaghe, e berühmten Droitsproff vun der Université libre vu Bréssel, huet an engem Colloque hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Reform vum Gesellschaftsrecht gesot: «Le modèle luxembourgeois mérite la plus grande attention - notamment de la part des législateurs voisins - car il est la synthèse, d'une part, d'études droit comparé permettant un choix des meilleures institutions expérimentées à l'étranger et, d'autre part, des particularités du génie propre luxembourgeois. Cet apport spécifiquement luxembourgeois - dont le droit et la pratique luxembourgeois se sont déjà imprégnés depuis longtemps - se caractérise notamment par le souci de conserver dans les institutions juridiques notamment le droit commercial et le droit financier, une souplesse et une liberté contractuelle aussi étendues qu'elles permettent, d'une part, la sécurité des tiers et notamment des investisseurs et, d'autre part, les contraintes du droit européen pour réaliser un équilibre difficile entre ces tendances.»

Här President, ech behaapte bei dësem Projet de loi: Mission accomplie! An ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gloden. An nächst Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat mer haut hei zum Vott kréien, ass eng Réflexion de fond vun deem ganze Gesellschaftsrecht, wat 100 Joer al ass. An déi Réflexion de fond huet vill Zäit, vill Joren, awer och immens vill Aarbecht kascht. Dat ass elo gemaach. An ech denken, datt, wéi de Rapporteur et gesot huet, et eng Multitude vu Saache sinn, déi an hire spezifesch Eigenschaften, an hire spezifesch Forme vu Sociéitéiten, déi een am Rapport fënnt, vu wichteger Incidence wäerte sinn, net nëmmen, well mer e Gesetz, wat 100 Joer al ass, moderniséieren, mä well mer d'Gesetz och adaptéieren un d'Gegebenheete vun haut.

Ech erënneren och drun, an dat ass eigentlech mäin zweete Punkt, datt mer konfrontéiert sinn – „konfrontéiert“, ben -, datt mer duerch d'Europäesch Unioun an doriwwer eraus duerch all déi Direktiven, déi mer och am Droit des sociétés hunn, eng ganz Rëtsch vu Reglementatiounen mëttlerweil hunn, déi hir eege Legislatioun hunn, déi hir eege Gesetzter hunn an déi mer am Fong geholl hu missen aus deem Gesetz vun 1915 erauszéien, well se duerch aner a scho méi modern Gesetzter voire d'Transpositioun vun Direktiven ëmgesat gi waren.

An dat huet déi Aarbecht d'autant méi schwéier gemaach, well eigentlech huet ee sech misse mat deem beschäftegen, wat iwwreg bliwwen ass. A mat deem sech beschäftegen, wat iwwreg bliwwen ass, weist dann déi ganz Komplexitéit an déi ganz Feinaarbecht, déi dëse Projet do mat sech bruecht huet.

Mir moderniséieren effektiv net nëmmen d'Gesellschaftsrecht, mä mir introduiséieren Dealer, oder net Dealer, mä Notiounen vum Gesellschaftsrecht och am Code civil, wou mer notament, an dat ass och scho gesot ginn, d'Relatiounen tëscht Propriétaires an Usufruitiers regelen, mä net nëmmen. An och de Code civil gëtt doduerch up to date gesat a virun allem wäerten déi Wäisszonen, déi Grozonen, déi juristesche Nettkloerheeten, déi mer bis elo haten, elo verschwannen.

D'Dispositions transitoires hunn och, hunn ech mer soe gelooss vum Rapporteur, en etlech Kappzerbrieche bruecht, well mer awer all Kéiers hu missen deen ale System an deen neie System ënnert d'Lupp huelen, fir effektiv herno ze kucken, que ça tienne la route, datt, wa mer dat Gesetz elo haut stëmmen, muer onst Gesellschaftsrecht awer nach ëmmer ze verstoen ass an datt et ëmsetzbar ass fir déi Gesellschaften, déi do sinn, a fir déi Gesellschaften, déi sech wäerte kréieren. An do denken ech notament un deen nächste Projet de loi, deen direkt hannendrukënt, d'Sàrl simplifié, déi direkt do mat considéiert ginn ass.

Fläicht eng lescht a wichteg Notioun, dat sinn d'Guidelines, déi am Fong geholl ons begleet hu säit 2009 - „ons“: loosse mer emol soen d'Chamber, d'Sous-commission an d'Commission juridique begleet hunn -, säitdeem dee Projet 2009 déposiert ginn ass.

Zwee Punkten: Engersäits déi Besuergebnis, fir d'Sécurité juridique ze garantéiere voire ze renforcéieren, an deen zweete Punkt, dat ass, d'Liberté contractuelle ze féieren. Déi Liberté contractuelle ze féieren, déi et eben och erlaabt, ons Kompetitivitéit hei an dësem Land och weiderhin ze stäipen: De Leit, déi eng Gesellschaft wëllen opmaachen, wéi gesot, eng gewësse Fräiheet ze loosse, déi awer erëm an deem Kader sech befënn, deen d'Gesetzter virginn, nämmlech kloer a propper Artikelen aus dem Gesetz, wou keen derlaanschtënt a wou d'Kontroll och all Kéiers garantéiert ass.

Déi zwee Punkten, engersäits d'Sécurité juridique garantéieren, anerersäits d'Liberté contractuelle féieren, mengen ech, sinn zwou Notiounen, déi fir dëst Land wichteg sinn, noutwendeg sinn. An et sinn am Fong geholl déi, déi och en Atout maachen, fir ze soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg ons solle weider druginn an de Gesellschaften. Do erëm denken ech un dee Projet de loi, deen elo hannendru wäert kommen. Et ass wichteg, datt mir ons hei opstelle fir d'Zukunft, datt mer de Leit - an deene jonke Leit! - et weiderhi garantéieren an net erschwéieren, hei hiert eegent Geschäft opzemaachen an hei an dësem Land och d'Ekonomie esou weider ze féieren.

Déi 200 Amendementer weisen och, firwat mer herno och e Rapport hunn, deen iwwer 233 Säiten huet. An dat muss ee sech awer emol op der Zong zergoe loosse, virun allem fir déi Leit, déi un deem Rapport geschafft hunn. An ech wéll elo net hei Mercien ausdeelen, mä ech wéll awer ënnersträichen...

(**Interruption**)

Dat dierf een net méi!

Mä ech wéll awer ënnersträichen, an dat mat aller Seriositéit...

(**Brouhaha**)

...an dat mat aller Seriositéit, datt, wa mer net kompetent Juriste gehat hätten en la matière, mä och aner, datt mer déi 200 Amendementer, déi och herno den Explicatif eigentlech duerstellen an déi Säite fëllen am Rapport, well dat meescht ass dat, dann hätte mer - bon, an natierlech och e Gesetz aus eise Nopeschland, un deem ee sech och konnt orientéieren -, dann hätte mer déi Aarbecht hei net fäerdegbruecht!

Obwuel et de Moien dann net ernimmt ginn ass am Radio an obwuel et e Projet de loi ass, wou ech awer woen, hei zouzeginn, datt wéinég Leit duerch all déi Artikelen alles bis an dee leschte Jota konnten assimiléieren, ass dat e Gesetz, wat extrem wichteg ass, well et Kloerheet schafft, well et Kontrollméiglechkeete schafft, well et e propper Gesetz ass, fir an Zukunft och propper d'Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg kennen ze féieren.

An dofir ginn déi gréng och den Accord zu deem Projet.

Ech soen lech Merci an ech félicitéieren deene Leit, déi méi intensiv un deem Projet geschafft hunn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An domat huet d'Wuert direkt d'Madamm Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéll virop mech och uschlëssen un de Merci un de Rapporteur Franz Fayot wéi och un d'Rapporteure vu vir drun an d'ganz Souskommissioun an d'ganz Équippen, déi all dru geschafft hunn. Dat hei ass e Rapport, dee wirklech extrem opfällt, net nëmme wat d'Quantitéit ugeet, mä och d'Qualitéit!

Här President, d'Modernisatioun vum Droit des sociétés, et ass och schonn hei ugeklongen, ass wirklech eng Jorhonnertgeschicht. Vun 1915 bis haut ass versicht ginn, Sécurité juridique an deem ganze Secteur, dee sech ganz gutt zu Lëtzebuerg entwéckelt huet, ze maachen. An ech mengen, déi ganz Modifikatiounen: Wann een an dem schréffleche Rapport kuckt, wat alles scho vu Modifikatiounen komm ass vum Gesetz vun 1915, dann ass dat hei, dëse Projet de loi, also net deen éischten, an ech mengen, vu wéi eis Gesellschaft virugeet en général, wäert et héchstwahrscheinlech och net dee leschte sinn.

Et ass effektiv esou, dass d'Betriebslandschaft sech permanent ännert. Et kommen andauernd nei Technologien, nei Iddien, nei Gesellschaftsmodeller, nei Formele vu Kooperatioun, vu Finanzéierung, Innovatioun am Inland an am Ausland. An dat alles beinhalt, dass mer e Kader brauchen, e gudde Kader, wou all Zorte vu Sociéitéte sech zu Lëtzebuerg kënnen entwéckelen, ouni dass iergendee seng Opportunitéite blockéiert kritt.

D'Betriben, ob kleng oder grouss, sinn nun eemol d'Réckgrat vun onser Ekonomie, och vun onser Finanzplaz. An ouni floréierend Betriben gëtt et keng nei Aarbechtsplazen.

De Rapporteur huet och zu Recht geschriwwen an och gesot, dass e gudde Kader néideg ass fir d'Privatinitiativ, well ouni kloer Spillregele gëtt et keng Sécurité juridique. An dat war u sech ëmmer de grouse Label vun Gesetz vun 1915. Deen hale mir hei och héich. Well ouni Sécurité juridique sinn et och d'Investisseuren, déi zrëckschrecken, fir massiv ze investéieren.

Nieft de Betriben musse mer awer och an dësem Projet ervirhiewen, dass d'Persounen, déi mat de Betriben ze doen hunn - dat ass och ee Volet vun der Sécurité juridique -, musse kloer am A behale ginn, fir dass deenen hir Rechter a Flichten och ganz kloer ofgeséichert sinn.

Ech kann net op all d'Detailler hei agoen. Meng zwee Virriedner, déi jo allen zwee - och de Léon Gloden - Rapporteur waren, hu schonn e ganze Koup vun der substantifique Moelle vun dësem Projet de loi lech hei presentéiert. Ech wéll awer op e puer Punkten agoen, déi mer um Häerz leien, déi mer och ganz gutt gefalen als Label vun dësem Projet de loi.

Dat éischt, dat ass eng ganz wichteg Innovatioun, well et an Zukunft all etabléiert Sociéitéit méiglech ass, all aner Form vu Sociéitéit unzehuelen. Dat heescht, et ass eng Transformatioun, déi méiglech ass. An dat ass eng massiv Vereinfachung vum System! Bis haut waren esou vill Hürden ze huelen, dass dat wirklech net evident war, prozedural a Finanzhürden, an dat gëtt vereinfacht. An dat steet dem System ganz gutt zu Gesicht.

Well mir wëssen alleguerten, dass Sociéitéiten, wéi d'Mënscheliwwen, ganz oft Verännerungen bréngen. Ganz oft, wann eng Kreatioun gemaach gëtt vun enger Sociéitéit, da gëtt net vill Kapital gebraucht, da gëtt geschafft. Mä notament, wann et Produktiounsfirmae sinn, wann d'Firma sech normal entwéckelt, dann op eemol brauch een nei Investissementer, well nei Weeër beschratt gi sinn. An duerfir musse mer eng bestëmmte Flexibilitéit erlaben, fir dass déi Firmaen esou virukommen.

Eng aner Innovatioun, Modifikatioun, déi mer hei ganz gutt am Gesetz gefält, dat ass d'Méiglechkeet, déi d'SA huet, fir dem Personal gratis Aktien ze ginn. Dat ass u sech eppes, wou mer wirklech d'Rad net nei erfannen, well wann een emol kuckt, wat an de Länner ronderëm eis ass, an haaptsächlech an Übersee: Dat ass e System, dee lassgaangen ass am Ufank mat Silicon Valley, wou e ganze Koup Grousskonzerner praktesch a Garagen entstanen sinn, wou déi éischt Mataarbechter, déi zum Succès vun de Firmae bäigedroen hunn, déi deelweis och nach haut do sinn, mat Aktie belount gi sinn, well iwwerhaapt net genuch Geld do war, fir uerdentlech Salären ze bezuelen.

Am Ufank waren déi Aktien, bien entendu, net vill wäert. Mä dann hunn d'Firmaen ugefaangen, sech gutt ze developpéieren. Herno sinn déi Leit alleguerte gutt bezuelt ginn a souguer zu Fortune komm. An dofir kann dee System vun deene gratis Aktie fir d'Personal e ganze Koup gutt Mesurë mat sech bréngen. Et muss natierlech ëmmer streng gehandhabt ginn.





En anert Beispill, wat Der och alleguerete kennt, wat nom selwechte System funktionéiert, ass Facebook. Facebook, dat brauch ech lech och net ze soen: eng Success Story, mat dem System vun den Aktien, déi un d'Personal gaange sinn. An, wéi gesot, et ass jo net nëmmen eng Saach, dass d'Aktien eriwerginn, et ass d'Gemeinschaftsgefühl vun alleguereten de Leit, déi dee Moment net en onzichtbare Patron hunn, fir dee se schaffen, mä déi sech vill méi an där Sociéitéit agebonne fillen, déi vill méi motivéiert sinn, fir do matzeschaffen, well et jo net nëmmen ëm dem Patron säi Portmonni geet, mä och ëm hiren eegenen.

Dat ass eng Saach, déi mer u sech ganz gutt gefält, an déi well ech wierklech ënnersträichen.

Ech kéint lech nach Tonne vu Saache soen, mä ech mengen, déi wichteg Saache si gesot ginn. Ech soen lech just einfach, quitte dass ech dee ganze Rapport minutiös versicht hunn, duerchezuliesen: Déi Saach, déi geet an déi richteg Richtung!

D'Sécurité juridique ass garantéiert, d'Finanzsituation ass esou flexibiliséiert, dass u sech den Développement vun de Betriber gesond hei zu Lëtzebuerg ka virgoen. D'Tiersen, all Mënsch, dee mat de Firmae ka schaffen, sinn och ofgeséichert. D'Personal kritt nei Perspektiven.

Dat sinn u sech véier Komponenten, déi fir mech schonn ausschlaggebend sinn, fir ze soen: Et ass e gudden Projet! An dofir bréngen ech ganz einfach hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da ginn ech d'Wuert un den Här „Roy“ Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President.

(**Hilarité**)

Ech well hei kuerz am Numm vu mengem Kolleg Roy Reding, deen an där Souskommission war, och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden Rapport, deen e gemaach huet.

Ech muss lech soen, ech war eng Kéier de Kolleg Reding an déi Kommission ersetzen an ech hu während den zéng Minutten, déi ech et do ausgehalen hunn, zwou Feststellungen gemaach: Déi Éischt war, dass ech dervun iwwerzeegt war, datt déi Kommission gutt géif eens ginn, wann ech net do wier,...

(**Hilarité**)

...well ech absolutt, muss ech soen, näischt dervu verstanen hunn.

An déi zweet Feststellung war, datt ech awer konnt do feststellen, datt mer d'Chance hunn, an der Kommission parteiüwergreifend gutt Juriste setzen ze hunn, déi d'Matière kennt hunn an duerfir och iwwer eng ganz laang Zäit hei eng gutt Aarbecht gemaach hunn.

An de Kolleg Roy Reding huet zu mir gesot, et wier e gutt Gesetz a mir kéinten et mat voller Iwwerzeugung stëmmen!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An dann huet d'Wuert den Här David Wagner. Neen? Keen?

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Do gesitt Der, wéi fein dass ech war, an elo wellt Dir net! Dann huet direkt d'Wuert den Här Justizminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Well jo an der Chamber sech mat de Mercie soll ageschränkt ginn, wollt ech just soen, dass ech fannen, dass de Franz Fayot ganz gutt geschafft huet. Dat ass da kee Merci. An ech fannen, dass déi ganz Commission juridique, a besonnesch och déi Leit aus der Souskommission, ganz gutt geschafft hunn, wat hei wierklech net einfach war.

Et wier jo schéi gewiescht, wann et geklappt hätt, wann dësen Text virun engem Joer hätt kënne gestëmmt ginn. Dat war déi Hoffnung, déi verschidde Leit insgeheim haten, dass de Projet hätt kënne nach virum Summer 2015 gestëmmt ginn. Dat huet net ganz geklappt. Da sinn et eben elo 101 Joer, fir de Vott ze huele vun deem neien Text. Mä d'Haaptsaach ass, mir hunn den Text haut an der Ofstëmmung.

Dësen Text war ganz laang ënnerwee - virdrun ass gesot ginn, néng Joer -, en fait sinn et der nach bal zéng méi! D'Iwwerlegungen am Justizministerium hunn ugefaangen 1997 iwwer eng

Reform vum Gesetz vun 1915. An et huet zéng Joer gedauert, bis et dann zum Dépôt vun engem Text koom, dat och mat Hëllef vum Laboratoire de droit économique vun der Uni Lëtzebuerg, déi sech och an der Zwëschenzäit mat ageschalt hat.

An esou koom et dann 2007 zum Dépôt, plus déi néng Joer, déi et gebraucht huet bis haut zum Vott, maachen insgesamt - néng Joer, wou dee Projet an der Chamber ënnerwee war, plus déi zéng Joer virdrun -, also insgesamt 19 Joer!

Dat ass natierlech ganz laang. Mä eigentlech ass dat guer net esou schlecht. Den Här Gloden huet et virdru rappeléiert: De Projet vun 1915, dee war bal 35 Joer ënnerwee. Esou gesinn hu mer déi Zäit bal halbéiert kritt ee Jorhonnert méi spéit, wat eis dann awer net méi gradesou ganz lues wierke léisst, wéi et vläicht den Androck hat.

Ech muss awer och soen zu der Verdeidigung vum Projet, deen 2007 déposéiert ginn ass: An deene leschten néng, zéng Joer huet sech d'Finanz - an d'Wirtschaftsbild vun eisem Land ganz vill verännert.

Eist Gesellschaftsrecht ass e wichteg Bestandteil vun eiser Finanzplaz. An dës Reform vum Gesetz vum 10. August 1915 huet dann och als Haaptzil, eist Gesellschaftsrecht méi kompetitiv an och besonnesch méi zäitgeméis ze maachen. Dofir war et noutwendeg an de leschte Joren, ëmmer nees nei Adaptationen, nei Iwwerlegungen afléissen ze loossen an de Projet an Ännerunge virzehuelen.

Dofir, mengen ech, kann een haut net soen, dass de Projet, deen 2007 déposéiert ginn ass, kee gudden Projet gewiescht wier. Mä en huet och missen déi Upassungen an déi Entwécklung matmaachen.

Et ass ëmsou méi wichteg, dass eist Gesellschaftsrecht attraktiv bleift an e wesentleche Bestandteil och ass fir d'Entscheidungen, déi d'Sociétéiten treffen, déi zum Beispill hir Aktivitéiten op Lëtzebuerg wëlle verleeën.

Mir hunn haut ronn 120.000 aktiv Gesellschaften zu Lëtzebuerg. Et ass also en Element vun där Diskussioun. A mir hu jo d'lescht Woch nach iwwer äänlech Entwécklungen am Kader vum Brexit geschwat. An dofir well ech haut hei ënnersträichen, dass d'Gesellschaftsrecht minimum esou wichteg ass wéi all déi aner Aspekter, déi d'lescht Woch hei an der Debatte erwänt gi sinn, vu wege Positionnement oder méi aggressiv oder muer aggressiv. De Positionnement fënnt an der Substanz statt, net an den Deklaratiounen, net an de Pressecommuniquéen oder de Pressekonferenzen.

An een Haaptelement vun der Substanz, ob eist Land attraktiv ass, eis Finanzplaz attraktiv ass, ass ouni Zweifel eist Sociétéitéiterecht. Dat ëmsou méi, wou jo an de leschte Jore verschidden aner Instrumenter, mat deene mer laang geschafft hunn, an hirer Wirkung ageschränkt gi sinn.

Haut sinn et net méi d'Souveränitéitsnischen, déi ausschlaggebend sinn. Haut ass et wesentlech méi de Volet vun der Sociétéitégesetgebung, deen entscheidend ass. Och d'Steiere si wuel e wichtegt Element. Mä och d'Steieren entscheeden net all Entscheidung vun enger Entreprise. Aner Elementer gehéieren dozou. An den Droit des sociétés ass e wesentlech Element bei der Gestaltung vun der Néierloosung vun enger Gesellschaft zu Lëtzebuerg, ob et eng Lëtzebuerger Entreprise ass oder eng auslännesch.

Dofir mengen ech och, dass et net schlëmm ass, dass deen Text laang ënnerwee war. En huet wuel vill Pappen a Mamme verschlass an där Zäit. Dee Projet geet op insgesamt véier Rapporturen zrëck. An et hunn net manner wéi fënnef Ministeren - fënnef Ministeren! - dee Projet vun der Iwwerleeung am Ministère bis haut zum ofschléissende Vott begleet. Dat ass schonn zimlech exceptionnell an der Lëtzebuerger parlamentarescher Geschicht. Mä d'Bedeutung vum Text ass och deementspreechend.

Ech well, Här President, net nach eng Kéier widderhuelen, wat souwuel de Franz Fayot wéi awer och den Här Gloden, d'Madamm Loschetter an d'Madamm Beissel schon alles gesot hunn.

Ech well dofir och ofschléissen an nach eng Kéier d'Bedeutung vun dëser Reform ënnersträichen an awer och soen, dass ech frou sinn, dass d'Chamber der Regierung, dem Grand-Duc och d'Méiglechkeet gëtt, eng Kodifikatioun vum Gesellschaftsrecht virzehuelen. Dofir hu mer elo eng Base légale. Dat ass eng wichteg Saach.

Ech well och hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass all d'Sociétéiten, déi mer haut zu Lëtzebuerg hunn, elo wäerte 24 Méint Zäit hunn, fir hir Statuten an Harmonie ze bréngen mat dësem neie Gesetz. Dat ass e verstännegen Délai. En ass net ze laang, mä en ass och net esou gestalt, dass en déi Betriber elo géif exzessiv ënner Drock setzen.

Ech mengen, mir hu mat deem heiten Text, mat där villen Aarbecht, déi drastéicht, deem ville gudden Wëllen, en Text, dee Lëtzebuerg brauch an deen eis elo hoffentlech och erëm fir eng laang Zäit wäert kompetitiv opstellen, och wann ech bezweifelen, au vu vun de leschten zéng Joer, vun der rasanter Entwécklung, déi mer kennt hunn, dass mer elo erëm eng Kéier wäerten ee Jorhonnert d'Fangere kënne dovun loossen. Dat, mengen ech, wäert net nach eng Kéier klappen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënne zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5730 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5730 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

(**Interruption**)

War den Apparat net un?

Dann hu mer folgend Resultat: 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aedem, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Fayot, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet 6777 iwwert déi vereinfacht Prozedur, fir eng Société à responsabilité limitée ze grënnen, déi sougenannt „Een-Euro-Gesellschaft“.

An den Här Franz Fayot ass prett fir de Rapport. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**4. 6777 - Projet de loi modifiant, en vue d'instituer la société à responsabilité limitée simplifiée:**

**1. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales; et**

**2. la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité des comptes annuels des entreprises**

**Rapport de la Commission juridique**

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, mir hunn elo just mam Vott vum Projet de loi 5730 d'Lëtzebuerger Gesellschaftsrecht moderniséiert. A mir kommen elo zu engem weidere Baustee vun der Moderniséierung vun eisem Gesellschaftsrecht an enger anerer Mesure en faveur vum Lëtzebuerger Entrepreneuriat.

Mir schwätzen elo iwwert d'Afféierung vun der Een-Euro-Gesellschaft, der Société à responsabilité limitée simplifiée.

Ech si schonn a menger Ried virdrun op d'Wichtigkeet vun engem moderne Gesellschaftsrecht fir d'Ekonomie vum Land aangaangen. An dëse Projet de loi huet och domadder ze diinn.

Mat der Afféierung vun der Een-Euro-Gesellschaft setze mer haut als Majoritéit e weidere

Punkt aus eisem Regierungsprogramm ëm. D'Zil ass et, de Wuesstum, d'Schafe vun Aarbechtsplazen an d'Innovatioun mat dëser neier Form vu Gesellschaft ze fërderen. Mir maachen et heimat méi einfach, fir et virun allem Jonken ze erlaben, hir Iddien ze konkretiséieren, andeems mer hinnen et erméiglechen, mat engem vill méi klengen Startkapital wéi bis elo eng Gesellschaft ze grënnen.

Dës Form vu Gesellschaft ass net fir all Aktivitéit gutt, mä nëmme fir déi kommerziell Aktivitéiten, déi wéineg Kapital erfuerderen, zum Beispill, an typescherweis, am Beräich vum Design, der Grafik, den Internetservicer, wou et eigentlech - fir et ze schematiséieren - duergeet, dass e Jonke sech mat sengem Laptop iergendwou hisetzt an ufängt mat schaffen, natierlech wann en déi néideg Kreativitéit dofir huet.

Mir hunn eis natierlech beim Ausschaffe vun dësem Text un auslännesche Beispiller inspiréiert. Dës vereinfacht Gesellschaft gëtt et schonns säit enger Rei Joren an eisen Nopeschlänner. A Frankräich ass et den Entrepreneur individuel à responsabilité limitée, an Däitschland ass et déi sougenannt „Mini-GmbH“ an an der Belsch gëtt et och eng Variante vun enger vereinfachter Sàrl, „Starter“ heescht se do.

Genau wéi eis Nopeschlänner hu mir eis bei der Een-Euro-Gesellschaft och fir eng Variant vun der Sàrl entscheet. Dat huet den Avantage, dass mer net allze vill an eisem Gesellschaftsrecht änneren mussen an dass mer kënnen zrëckgräifen op eng Gesellschaftsform, déi och haut scho vill vu PMEe gebraucht gëtt an déi hir Preuvë gemaach huet.

Deemno gëlle fir déi nei Een-Euro-Gesellschaften all d'Regelen, déi och fir déi normal Sàrle gëllen, et sief dann, d'Gesetz gesäit Ausname vir. Mir hunn eis fir dëst Gesetz virun allem un de Beispiller vun Däitschland - wou d'Unternehmergesellschaft e grouss Succès ass - an der Belsch inspiréiert.

Wat sinn d'Charakteristike vun dëser Een-Euro-Gesellschaft? Abee, virun allem soll et fir d'Konstitutioun vun enger Sàrl simplifiée méi schnell goen. Mir vereinfachen also d'Prozedur, andeems mer et den Interesséierten erlaben, d'Gesellschaft och „sous seing privé“ ze grënnen an net onbedéngt méi, wéi bei enger normaler Sàrl, misse bei en Notaire ze goen.

Deemno wéi komplizéiert den Objet vun der Gesellschaft ass, ass et natierlech ëmmer nach unzeroden, op eng juristesche Expertise zrëckze-gräifen. Fir déi méi einfach Aktivitéite wäert et deemnächst Modeller vu Statute ginn, déi d'Chambres professionnelles de Leit zur Verfügung stellen.

Eng Viraussetzung ass awer, dass déi Concerneiert am Virfeld vun der Kreatioun vun enger Een-Euro-Gesellschaft eng Autorisation d'établissement kréien. Dat ass eng zousätzlech Garantie fir de Seriö vum deene Leit, déi esou eng Gesellschaft grënnen. Dat ass awer och de Grond, firwat dëst Gesetz eréischt ab dem 16. Januar 2017 wäert a Kraaft trieden, well et eben déi Bréck tëschent dem Ministère de l'Économie an dem Registre de Commerce, dee muss gesot kréien, dass déi Autorisation d'établissement scho besteet, haut nach net gëtt. De CTIE muss dat eréischt opriichten.

Mir fërderen heimat also virun allem d'Schafe vun neie Gesellschaften a verschiddene Secteuren vun der reeller Ekonomie. Et ass also wichteg ze soen, dass mer hei net am Finanzsektor sinn.

Wéi den Numm et verréit, läit déi aner grouss Innovatioun doranner, dass et duergeet mat engem Kapital vun 1 Euro, fir d'Sàrl-S ze grënnen. Dir wësst, dass fir eng normal Sàrl een 12.000 - elo säit der Reform vu virun e puer Minutten -, 12.000 Euro brauch. Virdru waren et 12.300 an eppes. Dat ass wuelverstanen e Minimum! De Betreffene kann och méi wéi just 1 Euro Kapital a seng Gesellschaft investéieren, allerdéngs awer net méi wéi 12.000 Euro, well soss muss en eng normal Sàrl grënnen.

Fir ze ënnersträichen, dass et sech bei dëser neier Gesellschaftsform virun allem ëm en Instrument handelt, fir eng Aktivitéit an d'Liewen ze ruffen, muss d'Sàrl-S all Joer e gewëssenen Deel vun hirem Benefiss an eng speziell Reserv ginn, an dat, bis dass d'Kapital vun 12.000 Euro erreicht ass. An dann ass et un de Grënner ze decidéieren, ob se d'Gesellschaft an eng normal Sàrl transforméieren oder net.

D'Iddi ass hei also schonn, dass et soll eng Aide au démarrage sinn an dass dann no där Phase de démarrage deen Entrepreneur, wann et dann e Succès ass, sech an eng herkömmlech Form vu Gesellschaft transforméiert.